PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/08/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

A senger Äntwert op d'parlamentaresch Fro 960 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen schreift de Minister, datt ënnerschiddlech Vitesslimitatioune fir Elektro-Gefierer net duerchsetzbar wieren, well souwuel d'automatiséiert Radare wéi och d'Agente vun der Police keen Ënnerscheed kéinte maachen. Do dernieft wier et fir auslännesch Automobiliste schwéier ofzeschätzen, wien wéi séier fueren dierf.

Verschidde Länner, wéi zum Beispill Norwegen an Däitschland, hunn et virgemaach an Elektroautoe besonnesch Immatrikulatiounsplacke reservéiert, mat deenen duerch en zousätzleche Buschtaf "E" oder eng speziell Faarf op den éischte Bléck ersiichtlech gëtt, ob et sech em en Elektrogefier oder em en Transportmëttel mat klasseschem Verbrennungsmotor handelt.

Dëst virun allem virum Hannergrond vu Kontrollen an Zonen, an deene just Autoe fueren dierfen, déi manner wéi X Gramm CO2 pro Kilometer ausstoussen, respektiv vu vereinfachte Kontrollen op Parkplazen, déi fir Elektrogefierer reservéiert sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Deelt de Minister d'Opfaassung, datt esou besonnesch Placke kéinten zu enger besserer Visibilitéit vun Elektroautoen am Alldag bäidroen?

2. Géif eng Propose fir d'Aféierung vu spezielle Placke fir Elektrogefierer d'Ënnerstëtzung vun der Regierung fannen?

3. Ass d'Regierung bereet, sech nieft enger nationaler Léisung och fir eng europäesch harmoniséiert Léisung fir d'Kennzeechnung vun Elektrogefierer anzesetzen?

4. Ënnerstëtzen déi haut vun der Police agesate Radaren e Filtrage no Plackennummer oder Plackentyp? Falls jo: Gëtt dës Filtrage-Funktioun well benotzt fir verschidde Placken (z.B. déi vu Gefierer am Noutdéngscht) erauszefilteren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député